

Lëtzebuerg, de 5 octobre 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„An enger Lëtzebuerger Dageszeitung konnt een haut liesen, datt
d’Stolwierk vu Liberty Steel zu Diddeleng elo mol fir 4 Méint net
wäert produzéieren. D’Aarbechter hunn awer kee Recht op
Kuerzaarbecht well een heifir e „plan de maintien dans l’emploi“
bräicht.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister folgend
Froe stellen:*

- Ass schonns eng Firma fonnt ginn, déi bereet ass
d’Stolwierk zu Diddeleng ze iwwerhuelen?*
- Falls net, wat fir eng Optioun gi momentan studéiert fir
datt weiderhin eng industriell Aktivitéit op deem Site kann
erhale bleiwen?*
- Ass geplangt, datt de Wirtschaftsminister zäitno de
Betribsrot vu Liberty Steel ëmfänkt fir mat hinnen iwwert
d’Zukunft vun de concernéierten Aarbechtsplazen ze
kucken?*
- Falls d’Stolwierk vu Liberty Steel zu Diddeleng géif an
d’Faillite goen, kéint de Beschäftigungsfong
d’Mataarbechter opfänken?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten